N°717
Entrée le 10.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De 6te Mee gouf et eng Entrevue tëscht dem Ministère des transports an Info-Handicap. An der Entrevue goung et virun allem ëm Problemer ronderëm de Service vum Adapto, deen an der leschte Joren ëmmer nees wéinst enger Rei vun Dysfonctionnementer massiv an der Kritik stoung. Vun Info-Handicap gouf e Sondage ënnert hire Membere gemaach, fir Informatiounen iwwert verschidden Aspekter vum Adapto ze sammelen. Dobäi koum och eraus, dass 16,24% vun de Notzer scho mol eng Kéier mam Problem konfrontéiert gi sinn, dass de falsche Modell vu Gefier de Service sollt iwwerhuelen, also dass zum Beispill de Rollstull net an d'Gefier eragepasst huet. E Problem kann zum Beispill sinn, dass fir d'Aluede vun der Persoun am Rollstull en elektresche Lift gebraucht gëtt, deen awer net am Gefier verbaut ass.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Fro stellen:

1. Plangt de Ministère, dass an Zukunft all d'Gefierer, déi am Service vum Adapto dierfe genotzt ginn, mussen nom Prinzip vum Design for all genormt ginn, fir dass se fir all betraffe Persoun an all Typ vu Rollstull notzbar sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten